N°3392
Entrée le 29.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Justizminitesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro N° 3392 vum 5. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup a vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet "Vols avec violence de bijoux et d'objets de valeur à Luxembourg".

Et gëtt drop verwisen, dass d'Statistiken a Kategorie vun der Kriminalitéit all Joer am Kader vum "Rapport d'activités" vun der Police präsentéiert ginn.

All Joer nom 1. Semester ginn d'Tendenze vum lafende Joer an deene respektive Kategorien erstallt. Déi Zuele si geduecht, fir um lokale Plang eng detailléiert Analyse am Kader vun de comités de prévention communaux ze maache vun der Police zesumme mat de Gemengevertrieder an hire respektive Gemengen. Dës Analyse huet als Objektiv fir Mesuren ze ergräifen, déi op déi verschidde Gemengen zougeschnidde sinn.

Wéi schonn e puer Mol an de Chamberskommissiounen erkläert ginn ass, ass et fir d'Police mat groussem Opwand verbonne fir punktuell an niewent den Zuelen déi reegelméisseg erhuewe ginn, zousätzlech Kategorien an zousätzlech Variabelen (Regiounen, Gemengen, Quartieren, etc.) manuell eraus ze sichen.

Et ass geplangt am Fréijoer der Chamber d'Statistike vun der Police ze presentéieren, wéi dat schonn am vergaangene Joer de Fall war.

1) Kann den Här Minister preziséieren, a wéi enge Gemenge vum Land, bzw. a wéi enge Quartiere vun der Haaptstad, et an de Méint Juni bis November 2025 zu Raubdéifställ komm ass, bei deene Passanten, dacks bei Undroe vu Gewalt, hir Halsketten oder aner Wäertgéigestänn geklaut kruten?

2) Wéi vill Fäll sinn insgesamt fir dësen Zäitraum a fir dës Form vu Kriminalitéit dokumentéiert?

Eng automatiséiert Recherche an den Datebanke vun der Police huet erginn, datt am Zäitraum vum 1. Juni 2025 bis den 30. November 2025 national insgesamt 295 Affären am Zesummenhang mat Déifstall respektiv versichtem Déifstall mat Gewalt registréiert goufen.

Eng spezifesch Auswäertung, déi sech op Halsketten oder aner Wäertgéigestänn bezitt, ass net méiglech, well an de polizeilechen Datebanken d'Fäll no Strofdot a Kategorie vum Déifstall erfaasst ginn, net no den Objeten.

D'Zuele vun den Affäre sinn nach net definitiv a kënnen nach variéieren, bis déi polizeilech Prozedure finaliséiert sinn. Déi definitiv Zuele ginn am Rapport d'activité vun der Police publizéiert, deen am Mäerz/Abrëll erauskënnt.

Déifställ a versichten Déifställ mat Gewalt no engem „Top 10" vun de Gemengen; déi aner Gemengen si net relevant an dësem Kontext:

| | |
|---|---|
| Luxembourg | 187 |
| Esch-sur-Alzette | 17 |
| Differdange | 12 |
| Pétange | 7 |
| Contern | 6 |
| Ettelbruck | 5 |
| Grevenmacher | 5 |
| Bertrange | 4 |
| Dudelange | 4 |
| Hesperange | 4 |

Déifställ a versichten Déifställ mat Gewalt no Quartier an der Haaptstad:

| | |
|---|---|
| Gare | 71 |
| Ville Haute | 45 |
| Bonnevoie-Sud | 14 |
| Hollerich | 8 |
| Kirchberg | 8 |
| Bonnevoie-Nord/Verlorenkost | 7 |
| Limpertsberg | 5 |
| Dommeldange | 4 |
| Grund | 4 |
| Belair | 3 |
| Clausen | 3 |
| Eich | 3 |
| Gasperich | 3 |
| Rollingergrund/ Belair-Nord | 3 |
| Beggen | 2 |
| Cents | 1 |
| Merl | 1 |
| Pfaffenthal | 1 |
| Weimerskirch | 1 |

3) Wéi vill verdächteg Persoune konnten an deem Zesummenhang ermëttelt a festgeholl ginn?

Eng Auswäertung vun der Police-Datebank huet erginn, datt 47 % vun den Täter oder Verdächtege vun de 295 Affären identifizéiert konnte ginn.

4) Eis ass zu Ouere komm, dass verschidde Poliziste gesot hätten, déi meescht vun dëse verdächtege Persoune kéimen aus dem Maghreb. Kann den Här Minister dës Informatioun confirméieren, bzw. eppes zur Hierkonft an zum Wunnsëtz vun de verdächtege Persoune soen?

Et gouf schon e puer Mol an Äntwerten op Froe vum honorablen Deputéierte Fred Keup erklärt, dass d'Police keng Statistiken iwwert d'Nationalitéiten vun den Täter féiert. Déi Fro ass reng populistesch.

5) Koum et an de leschte Méint am Zesummenhang mat der uewe beschriwwener Form vu Kriminalitéit schonns zu Verurteelungen? Wa jo, wéi eng Strofe goufen dobäi ausgesprach? Wann nee, wéi eng Strofe riskéieren déi verdächteg Persounen?

Den Datesystem JUCHA erméiglecht et net fir d'Infraktioun vum Déifstall mat Gewalt lo och nach no de Wäertgéigestänn ze ënnerscheeden. Dëst bedeit, datt d'Fäll statistesch net geziilt erausgefiltert kënne ginn, déi ausschliisslech Bijouen oder aner Wäertgéigestänn betreffen.

Dat gesot, weisen d'Statistiken allgemeng, datt am Joer 2024 insgesamt 82 an am Joer 2025 insgesamt 85 Verurteelungen am Beräich vum Déifstall mat Gewalt am Strofregister agedroe goufen.

D'Statistike betreffend d'Strofe weisen, datt am Joer 2024 68 Prisongsstrofen, an am Joer 2025 82 Prisongsstrofe prononcéiert goufen. Déi duerchschnëttlech Dauer vun deene Prisongsstrofe louch am Joer 2024 bei 866 Deeg an am Joer 2025 bei 893 Deeg.

Déi disponibel Donnéeë weisen ausserdeem och Geldstrofen, Travaux d'intérêt général souwéi aner Aarte vu Strofen aus, déi gegeebenefalls cumuléiert ausgeschwat goufen. Den Detail dovunner weist den Tableau heidrënner.

*Tableau : Inscriptions au casier judiciaire par type de peine et par année*

| Type de peine[1] | 2024 | 2025 |
|---|---|---|
| Amende | 32 | 15 |
| Art. 11 du Code pénal | 7 | 8 |
| Interdiction de conduire | 4 | 0 |
| Prison | 68 | 82 |
| Travaux d'intérêt général | 12 | 3 |
| Autres peines | 7 | 8 |
| Total | 130 | 116 |

[1] *Double-comptage au niveau des peines : Les condamnations peuvent être comptées plusieurs fois, si plusieurs peines sont libellées dans la même inscription au casier judiciaire.*

6) Ganz allgemeng schéngt sech d'Place Emile-Hamilius an der Stad zu engem "Hotspot" vun dëser Form vu Kriminalitéit entwéckelt ze hunn. Kann den Här Minister confirméieren, datt et op dëser Plaz an de leschten dräi Joer zu enger Heefung vu Raubdéifställ an anere kriminellen Aktioune komm ass? Wa jo, ginn et op Säite vun der Regierung Iwwerleeungen, fir op dëser Plaz erëm e Kommissariat anzeriichten?

D'Statistik gëtt op d'Quartiere gemaach. Eng automatiséiert Recherche, déi sech spezifesch op d'Place Emile-Hamilius an d'Stad bezitt, ass net méiglech.

D'Ville-Haute gëtt duerch eng verstäerkte Policepresenz iwwerwaacht, notamment am Kader vun der Police Locale. Reegelméisseg Fousspatrouillen ginn op der Place Emile-Hamilius an an der Ëmgéigend duerchgefouert. Eng weider präventiv Moossnam ass de Visupol, deen op der Place Emile-Hamilius agesat gëtt.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden